GEMENG
KÄERCH

Umeldunge virum 11.11.2024

# Adventsfënster

***Vum 1. bis de 24. Dezember 2024** gi bei genuch Umeldunge 24 Fënstere mat Motiver zum Thema **«Advent a Chrëschtdag»** vun iech dekoréiert. All Dag gëtt eng Fënster opgemaach, déi d'Leit aus der Gemeng kënne kucke goen.*



## GESICHT GINN:

## *24 Leit oder Familljen aus der Gemeng Käerch, déi bei dëser Aktioun matmaachen an eng Fënster vun hirem Doheem dekoréieren.*

### E PUER ERKLÄRUNGEN:

**All Fënster kritt eng Nummer vun 1 bis 24.
Wann eng Fënster z.B. d'Nummer 6 huet, gëtt se de 6. Dezember opgemaach.
D'Fënster an d'Nummer solle vun der Strooss aus gutt siichtbar sinn.**

***et ginn zwou Varianten:***

### STËLLFËNSTER:

**Dir dekoréiert eng Fënster an d'Leit spadséiere laanscht fir sech Är Dekoratioun unzekucken.**

### FËNSTER AN AKTIOUN:

**Dir dekoréiert eng Fënster a loosst Iech nach eppes afalen (z.B eng Adventsgeschicht virliesen) an/oder Dir kënnt eng Klengegkeet fir d'Leit, déi kucke kommen zerwéieren (z.B. Glühwäin oder Kichelcher).**

**D'Adventsfënster soll no deem se op ass, all Dag vun 18.00 Auer bis 20.00 Auer beliicht sinn.**



***Eng Lëscht mat den Datumer, geneeën Auerzäiten an den Adresse vun de Leit déi matmaachen, gëtt Enn November 2024 publizéiert.***

***Déi Leit déi wëllen eng Adventsfënster maachen, kënne sech bis den 11. November 2024 mellen per Email: communication@koerich.lu oder per Telefon: 288 355 221***

Umeldunge virum 11.11.2024